AKADEMISCHER VEREIN D' LETZEBUERGER

seit 1897 2, avenue de l'université L-4365 Esch-Sur-Alzette A.s.b.l.

Oochen, de 30. September 2024

**Communiqué fir d'Wantersemester 2024/2025**

Léif AVLerinnen, léif AVLer,

Dat neit Semester steet virun der Dier an sou och rëm eng Rëtsch vun AVL-Eventer. Fir dass dir iech schonn alles kënnt an de Kalenner schreiwe fir och neicht ze verpassen, fannt dir an dësem Communiqué all Informatiounen zu de geplangte Soiréeën am Wantersemester ´24/25. A natierlech freeë mir eis lo schonn iech do ze gesinn a mat iech eng gutt Zäit ze hunn. Genuch geschwafelt, komme mer zu den Events.

D'Aleedung an des Semester ass wéi ëmmer eis **Soirée de Bienvenue,** déi dëst Joer **Mëttwochs, den 9. Oktober** stattfënnt; wéi gewinnt am **Kaktus.** De Fokus vun dësem Owend, läit primär dran, d'Erstis zu Ooche wëllkomm ze heeschen, hinnen e gudde Start an hire Studium ze bidden an hinnen den AVL bescht méiglech méi no ze bréngen. Awer all aner Member soll sech dovun net ofschrecken loossen, och fir sie ass et eng super Méiglechkeet al gewinnte Gesiichter rëmzegesinn, an d'Wantersemester anzeleeden. An natierlech dierf och rëm bei dëser Soiré de Bienvenue de Fräibéier mat Dikrecher net feelen.

Eng Woch drop, **Mëttwochs, den 16. Oktober,** ass et Zäit, dass eis Erstis – eeeh ech menge natierlech Sale Bleu'en – vun hire Pätteren oder Giedele gesteet ginn. Och d'**Stee** fënnt wéi ëmmer am Kaktus statt. Un eis Bleu'en: Wann dir wëllt d'Daf matmaachen, dann ass d'Stee fir iech eng Pflichtveranstaltung! Hei kritt dir e Pätter oder eng Giedel, déi iech op d'Daf virbereeden an iech och bei aner Froen zum Liewen a Studéieren zu Oochen zur Säit stinn. Eng Stee ass awer keng Stee ouni genuch Bidder, dofir ass et och fir all gedeeften AVLer oder AVLerinnen wichteg, hei present ze sinn, fir dass d'Soirée e vollen Erfolleg gëtt. **Opgepasst!** Wann dir net gedeeft sidd, dierft dir net mat steeën mee héchstens gesteet ginn!

D'Woch drop **Méindes, den 21. Oktober**, hu mir en **Iessen mat Paul Wurth**. Fir interesséiert Studenten an Studentinnen, ass dat eng top Méiglechkeet sech fir ee Stage, oder eng Aarbechtsplaz ze informéieren. D''Iesse gëtt vun eisem Sponsor iwwerholl, also fale keng Eegenkeschten un. Méi genee Informatioune wéi och eng Umeldung kommen nach no.

Als nächst steet d'**Foire de l'étudiant** um Programm. **Donneschdes a Freides, de 24. & 25. Oktober,** ass den AVL um Campus Belval vertruede, fir de Schüler*innen Ried an Äntwert ze stoen an si iwwer d'Liewen an de Studium zu Oochen ze informéieren. Falls du elo denks, dass du deene Jonke gären eppes iwwert däi Studiegang oder däi Werdegang zu Oochen wëlls erzielen, dann zéck net dech bei engem vum Comité ze mellen. Wat mir méi Studiegäng vertrueden hunn wat besser!

Freides no der Foire hält et nach laang net op, et kéint ee "Bal" soen, dass et do mol richteg ufänkt! Do heescht et "vive op Dikrech" op den **Oochener Bal 2024! Freides, de 25. Oktober** ass di 3. gréisser Editioun vum Oochener Bal an der Aler Seeërei zu Dikrech. Nieft guddem Gegrills, zoubereet vun eise Kölner Kolleegen, an enger ganzer Rëtsch Gedrénks, bidde mir iech hei beschte Stëmmung, well selbstverständlech leeën hei nees den DJ Fleex & Deys op! Well lescht Joer sou ee grousse Succès war - net zu mannst wéinst iech – freeë mir eis elo schonn drop, iech den Owend begréissen ze kennen, an mat iech Danzfläch zum brennen ze bréngen. E Bal ass natierlech méi flott, wa méiglechst vill Leit do sinn, dofir däerft dir gären all är Kolleege, Famill, a Bekanntener mat op Dikrich schleefen! Och dëst Joer ass rëm fir Navette gesuergt also musst dir iech keng Suerge maachen, wéi der heem kommt, wann der d'Studentewasser bëssen ze gutt fonnt hutt. Falls der nach keen hutt: Tickets kritt der bei all Member vum Comité oder op avl.paytix.lu. Wann dir eis ënnert d'Ärem gräift an eng Schicht schafft, kommt dir natierlech fir näischt eran. Mellt iech an deem Fall iwwer comite@avl.lu bei eis, mir freeën eis iwwer all Hëllef!.

**Méindes, den 28. Oktober,** fënnt d' **Dafversammlung** statt, wou mir déi éischt Detailer zur Daf klären an d'Chargen opdeelen. Wann dir motivéiert sidd, dëst Joer och op der Daf matzewierken, an de Bleu'en eng onvergiesslech Daf ze bidde, dann haalt Aan grouss op no weideren Informatiounen, eent kenne mir iech schonn verroden, an zwar dass dat ganz am Chico Mendes wäert oflafen. Au Contraire zur Stee herrscht hei absolut **Bleu-Verbuet(!)**, dir wëllt iech jo net d'Iwwerraschung verdierwen;) Och fir ongedeefte Net-Bleu'en ass den Zoutrëtt hei verbueden!

Als nächst steet de **Cafémrally de Weekend vum 1-3. November** virun der Dier. Well de Rally di lescht Joren sou vill Erfolleg hat, zéie mir et och dëst Joer rëm sou grouss op wéi déi leschte Kéieren. Fir déi Nei ënnert iech: de Caférallye ass eisen Intercercle. A wat ass dat lo rëm? Do komme lauter Studenten aus anere Stied a Cerclen op Oochen, fir mat eis e flotte Weekend ze verbréngen (a villäicht deen een oder anere Patt ze drénken). De Programm wäert änlech bleiwe wéi lescht Joer, et gëtt also Freides Owes mat engem Wëllkomm-Patt gestart, Samschdes erstreckt sech den eigentleche Caférallye iwwert den Dag a gëtt mat engem Fräibéier ofgeschloss, natierlech hu mer och alternativen fir déi, die net die gréißten Béier-Fans sinn. A Sonndes gi mer géint de Kater brunchen an an d'Thermen. Domat dir keng Informatiounen zu dësem mega Event verpasst, kuckt reegelméisseg op eisen Social Media Kanäl laascht, wou all d'Informatiounen gepost ginn a liest är E-Mailen.

**Mëttwochs, den 6. November,** kennt rëm en Event zeréck, wat verschiddener sou sécher nach ni zu Oochen matgemaach hunn. An zwar handelt et sech em d'Rückkehr vum **Oktoberfest** op Oochen. Och wann d'Oktoberfest bekannt dofir ass, dass vill Béier fleisst, ass och bei desem Event dofir gesuercht, dass die die kee Béier drenken trotzdem ze fridde sinn. Et wäert viraussiichtlech am Ponttor stattfannen, jo do kënnen Eventer sinn, an et wäert relativ streng limitéiert sinn op em di 45 Léit. Och fir alles sou orginalgetreu wéi méiglech ze halen, géife mir iech bieden an Leder-hosen an Dirndl ze kommen. Méi genau Infoen an wéi genau een sech kann umellen, kommen no.

**Donneschdes, de 7 November,** sidd dir all op en Iesse mat engem vun eise Sponsoren, **Drees & Sommer** agelueden, wou dir iech iwwert Stageplazen, wie och zukünfteg Aarbechtsplazen, kënnt informéieren. An d'Iesse musst dir net selwer bezuelen, also wann dat iech interesséiert, gëtt et kee Grond net ze kommen. Wann dat ären Interessi geweckt huet, haalt är Aen op no enger Umeldung, di nach no kennt.

**De 10-12. November** heescht et nees **"Kölle Alaf!"** Eis Noperen an der Oochener Virstad Köln organiséieren och dëst Joer rëm hiren IC, deen sech nees iwwer puer Deeg erstreckt. Den 10 gëtt et e Welkommens Owend, dann heescht et den Dag drop Kraveval, an dann ass Dënschdes nach en Ofschloss Brunch fir dass e gestäerkt rëm Heem ka fueren.

Domat eis Bleu'en an eis Memberen sech och bëssen an engem aneren Kader wie op enger Soirée kënne kenneléieren, maachen mer dest Joer fir d'Éischt **Mëttwochs, den 13. November, en AVL-Bowling Event**. Wéi de Numm dat Ganzt schonn erkläert, ass hei all Member, ob Sale-Bleu, Bleu oder einfache Member agelueden mat eis puer Ronne Bowling spillen ze goen.

**Mëttwochs, den 20. November,** ginn aus eise sale Bleu'en regulär Bleu'e gemaach, deen Dag ginn si nämlech gedeeft. Hei gi mir gewuer, ween et a sech huet, e richtegen AVLer oder AVLerin ze ginn. Wéi ëmmer kréine mer no der Daf nach eise "Roi des Bleus" an eis "Reine des Bleuettes" – ausser d'Ordnungsamt hätt nees eppes dogéint. Startschoss ass hei am fréien Owend, mee wéi bei allem komme genau Detailer zu engem spéideren Zäitpunkt no. Hei sinn ongedeefte Memberen natierlech net erlaabt. Wann dir d'**Daf** gär gesidd musst dir se scho matmaachen ;)

**Mëttwochs drop, den 27. November,** invitéiere mir iech op eise **Lëtzebuerger Béierowend**. Héi kënnt dir eist klengt Ländche rem e Stéck besser kenneléieren, andeems dir verschidde Béierzorte vum Norden bis an den Süden kënnt schmaachen. Wou genau et dëst Joer stattfënnt muss nach geklärt ginn, wéi ëmmer, kommen hei d'Infoen nach no, einfach op Social Media kucken oder d'Aaen no der Email ophaalen.

Och dëst Joer loossen mer eis de gudden Geroch vum Glühwein an frësche Printen net huele. **Méindes, den 2. Dezember**, heescht et erëm **"AVL goes Chrëschtmaart"**. Mir treffe eis wéi gewinnt bei der Wolke 7, fir e schéinen Owend ze verbréngen. Héchstwarscheinlech gëtt dëst een "AVL meets NRW" Event, bei deem eis Nopesch-Cerclen op Besuch kommen a mat eis een (oder zwee oder dräi…) drénken.

D'Klugscheißer a Besserwësser ënnert iech freet et sécher, ze héieren, dass mir och dës Joer nees ee **Quizowend** organiséieren. Dee fënnt **Mëttwochs, de 4. Dezember** statt. Och hei ass de Standort nach net vollends geklärt, also wie gewinnt, d'Aen no Infoen ophalen

Och wann mir zu Ooche sëtzen, huet de **Kleeschen** keng Käschten an Méien gescheit, fir eis op der **Glühwäinsoirée, den 11. Dezember,** besichen ze kommen – wou genau déi stattfënnt gëtt nach annoncéiert. Hei kënnt dir, wéi de Numm scho seet, ee gudde Glühwäin drénken. Oder zwee, oder dräi, oder véier, ... Well mir jo awer net nëmmen Braver ënnert eis hunn, kënnt de Kleesche och dëst Joer mat sengem Vertauten Gefährten, dem Houseker, deen och déi eng oder aner Rutt verdeelt. Wann dir also ee kennt, deen ärer Meenung no eng verdéngt huet, dann erënnert de Kleesche gären drun. Firwat? Säi Verhalt ass schliisslech leider net méi dee beschten. Fir him an iech et méi einfach ze maache, kënnt der är Geschichten op comite@avl.lu schécken, eis Engelscher ginn dem Kleeschen déi da weider.

Di méi Kampferprobten ënnert eis kënnen des Semester hiert Kënnen beim **Lasertag, Mëttwochs, den 18. Dezember,** ënner Beweis stellen. Wou genau gëtt nach matgedeelt. Warscheinlech wäert och dëst Event just mat begrenzter Spillerzuel méiglech sinn. Wann dir do also wëllt dobäi sinn, kuckt ëmmer mol rëm an är Email oder op social Media, domat dir net d'Umeldung verpasst.

Een Event, wat net vum AVL organiséiert ass, wou mir awer ëmmer eng grouss Präsenz hunn, ass den **Tournoi de Noël. Samstes an Méindes, de 21. an 23. Dezember,** trieden hei 20 Cerclen am Basketball, Volleyball a Fussball géinteneen un. Déi 2 Deeg ass de ganzen Dag iwwer eng lass, et lount sech also op alle Fall, dohin ze kommen, egal ob dir als Toppsportler matspillt, als AVL-Ultra ufeiert oder dach äre Fokus op de Saufpokal setzt.

Fir dass dir och anstänneg virbereet sidd, fir déi aner Cerclen um Tournoi ze klappen, gi natierlech och nees Sportstrainingen am Wantersemester organiséiert. **Méindes Basketball vun 21:30-23:30, Dënschdes Volleyball vun 21:00 – 23:00 an Donneschdes Fussball vun 22:00-00:00,** zu Kelmis an der Sportshal. Wann der Intressi hutt un deenen Trainingen deelzehuelen, da recommandéieren ech iech deene jeeweileg Facebook-Gruppe bäizetrieden; déi fannt der an der Haapt-AVL-Grupp. Wann der soss nach Froen zum Sport hutt, kënnt der iech gäre bei eisem Sportsminister ënner luc.jakoby@avl.lu mellen.

**D'AVL Skivakanz** geet dëst Joer vum **4.-11. Januar** an d'Skigebitt "Trois Valées". Mir hunn e gemittleche Chalet gelount, wou keen eis stéiert. Mir fuere jo awer net dohin, fir just am Chalet ze setzen, mee fir d'Pisten onsécher ze maachen. Di 1. Umeldungsronn ass jo schonn erlaanscht, mee eng 2., definitiv Umeldung kënnt elo am Wantersemester.

Eis lescht Veranstaltung vum Joer ass dann d'**Assemblée Générale, Mëttwochs de 20. Januar.** Mir hoffen, iech all hei begréissen ze dierfe, fir zesummen op d'Eventer vum Joer zréck ze blécken a natierlech och ee neie Comité fir d'Joer 2025 ze wielen. D'Versammlung wäert an engem Sall vun der RWTH stattfannen, do kennt dir och Memberskaarte fir 2025 kafen; d'Ausziele vun de Walen an d'Virstelle vum neie Comité ass da wéi gewinnt am Kaktus. Dann nach eng keier e klengen Opruff, den AVL funktioneiert nemmen duerch eis engagéiert Memberen, also wann dir di nächst wëllt sinn , a mat wëllt hëllefen, Saache wëllt bäidroen oder souguer villäicht Saache veränneren, zeckt net fir iech an de Comité ze mellen.

Last but not least: de **Lëtzebuerger Owend am Kaktus!** All Méindeg ab 20:00 Auer treffe mir eis an eisem Stammcafé, fir iwwer Gott an d'Welt ze schwätzen an ee klengen ze drénken. "Just kuerz" laanscht komme kënnt dir gäre probéieren, mee gepackt huet dat nach keen.

Den **AVL Chouer,** dee fir beschte Stëmmung um Lëtzebuerger Owend suergt, prouft all Méindeg um 20:00 Auer am **Kaktus** eng Panoplie vu Lëtzebuerger, awer och internationale Lidder. Och wanns du net grad eng Engelsstëmm hues, bass du hei häerzlech wëllkomm, d'Prouwe lafen nämlech ganz ënnert dem Motto "léiwer haart wéi richteg"! Och hei gëtt et eng Facebook-Grupp, an där dir ëmmer up to date gehale gitt.

Iwwer déi Evenementer, wou lo nach net all Detailer bekannt sinn, hale mir iech iwwer de Kalenner op www.avl.lu (oder an de News), an de Facebook-Veranstaltungen a per Mail um neiste Stand. Dofir gëllt: triet der AVL Facebook-Grupp bäi, a maacht iech onbedéngt en Account op eisem Site.

Falls dir nach Froen hutt, da kënnt dir eis gär eng Mail op comite@avl.lu schécken.

Mir bléift lo näischt méi ze soen, dofir wënschen ech iech all am Numm vum Comité een erfollegräicht Wantersemester an hoffe, vill flott Soiréeë mat iech ze verbréngen.

Vive den AVL

Vive de Comité

Vive den AVL Chouer

Vive Oochen

Vive eis Memberen

Vive Lëtzebuerg

A vive an de Kaktus!

Fir de Comité,

Goedert Tim